Luxembourg, le 5 mars 2008

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

Luxembourg

Personne en charge du dossier:
Nicole Sontag-Hirsch
☎ 2 47 - 82952

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
1? MARS 2008

Réf.: 2007 - 2008 / 2144 - 07

**Objet:** Réponse à la question parlementaire n° 2144 du 2 décembre 2007 de Monsieur le Député Robert Mehlen.

Monsieur le Président,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe **la réponse de Madame la Secrétaire d'Etat à la Culture, à l'Enseignement Supérieur et à la Recherche** à la question parlementaire sous objet, concernant le jugement du tribunal d'arrondissement de Luxembourg en matière de dysfonctionnements à la Bibliothèque nationale.

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

La Secrétaire d'Etat aux Relations
avec le Parlement

Octavie Modert

43, boulevard F.-D. Roosevelt L-2450 Luxembourg Tel.: (+352) 247-82952 Fax: (+352) 46 74 58

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture, de l'Enseignement
supérieur et de la Recherche

Le Ministre aux Relations avec le Parlement
SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION
Reg.: | SCL:
Entré le: - ... 2008
CE: | CHD:
A traiter par:
Copie à:

*Luxembourg, le 5 mars 2008*

***Madame la Secrétaire d'Etat aux Relations avec le Parlement***
***43 boulevard F.D. Roosevelt***
***L-2450 L u x e m b o u r g***

*Concerne: Question parlementaire No 2144 du 1er décembre 2007
de Monsieur le Député Roby Mehlen*

*Madame la Secrétaire d'Etat,*

*J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe ma réponse à la question parlementaire No 2144 de Monsieur le Député Roby Mehlen concernant le jugement du Tribunal d'arrondissement en matière de dysfonctionnements à la Bibliothèque nationale.*

*Veuillez agréer, Madame la Secrétaire d'Etat, l'expression de mes sentiments distingués.*

*Octavie Modert*
*Secrétaire d'Etat à la Culture,*
*à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*

Adresse postale: L-2912 Luxembourg 20 Montée de la Pétrusse
Téléphone: +352 2478 6602 Téléfax: +352 26 29 60 38

**Äntwert vun der Staatssekretärin fir Kultur, Héichschoulwiesen a Fuerschung op d'parlamentaresch Ufro n° 2144 vum Deputéierte Robert Mehlen**

Fir d'éischt géif ech wëllen den Dossier an de Kontext setzen, dee virun 10 Joer an der Nationalbibliothéik bestanen huet. Et war eng Situatioun, wou d'Regierung huet missen eng schwéier Crise an der Nationalbibliothéik geréieren. Vermeintlech beruflech Insuffisancen, e vermeintleche Verloscht vun Autoritéit vun der Direktioun, vermeintlech Verstéiss géint gesetzlech a reglementaresch Bestëmmungen, Onzefriddenheet beim Personal an eng Atmosphär vun Zerstriddenheet hunn d'Bild deemools geprägt. No der Opfaassung vun den deemools Verantwortleche waren disziplinaresch Moossnamen onbedéngt néideg, fir eenzel Leit ze interpelléieren.

Am Dossier vum Conservateur, deen den honorabelen Deputeierten uschwätzt a géint deen esou eng Moossnam ergraff gi war, huet den Disziplinarrot vum ëffentlechen Déngscht am Februar 2000 zeréckbehalen, datt dës Moossnam reng vum prozedurale Standpunkt hier net an der Rei war. Iwwert de Fong vum Dossier gouf net statuéiert.

Déi politesch Responsabel vun deemools hunn du festgehalen, datt d'Suspensioun vum Conservateur sollt oprechterhale bleiwen, dëst fir der Nationalbibliothéik eng Chance ze ginn, fir hir Crise ze iwwerwannen.

Haut, bal 10 Joer duerno, a 4 Joer no der Reintegratioun vum viséierte Conservateur an d'Nationalbibliothéik, kann ee behaapten, datt eis Nationalbibliothéik an där Atmosphär ka schaffen, déi hirer würdeg ass. Dësen Zoustand gouf schonns méi laang erëm retabléiert an dat ass de Verdéngscht vun der haiteger Directrice a vun hirem Personal.

D'Zivilgeriicht huet festgehalen, datt d'Suspensioun e moralesche Schued fir de Conservateur mat sech bruet huet an datt dëse Schued misst entschiedegt ginn. D'Geriicht huet och festgehalen, datt d'Elementer vum Dossier net géifen d'Schlussfolgerung zouloossen, datt express a wëssentlech Gesetzer ëmgaange gi wieren. D'Regierung huet sech dësem Urteel ënnerworf.